# GALLION ROBERT

* 13.09.1923 zu STROOSSEN an och do bei séngen Elteren am Enn Nr. 12 gewunnt

R.A.D. vum 17.02.1943-16.05.1943
zu JANNOWITZ a Polen
Adress: RAD Abteilung 2/34/36 JANNOWITZ
(Kreis Dietfurt) WARTHELAND

W.H. vum 23.05.1943
Adress: Grenadier R.G. Stammkompanie
Ers. Batl. 386, BRANDENBURG - HAVEL

05.06.1943 verwonnt bei OREL a Russland

15.06.1943 am Res. Lazarett SONNENBURG - Neumark
Abt. III über KÜSTRIN

05.07.1943 am Res. Lazarett 102, Abt. II
KÜSTRIN Zimmer 26

Op säi Wonsch krut en een Telegramm vun heiheem:
„Vater schwer erkrankt in Klinik, komme sobald als möglich."

Dorop guef en no Lëtzebuerg an d'Lazarett KONVIKT verluet an duerno krut e Genesungsurlaub.

Säin Urlaubsschein hat en sech selwer ëm 8 Deeg verlängert, mä du koum preisesch Polizei vu Stroossen fir en ze verhaften. Während d'Preisen an der Stuff op hie gewaart hun, sollt en d'Uniform op sénger Kummer undon, mä du gong e mam Velo duurch d'Bascht. Et war Ufanks September 1943. – D'Armée Blanche an der Belsch huet hien nët ugeholl well séng Wonnen nach nët geheelt waren. – Eng Woch war en doheem verstoppt an obschon d'Preisen all Dag Haussuchung gemat hun (an der Zäit soutz e beim Noper, dem Paschtouer JENTGEN, op der Genn), hu si hien nët fonnt. Séng Blessüren a séng Nerven hun dat Spillchen nët gepackt an op de Rot vu Vertrieder aus der A.Bl. goung en an d'Stad op d'Wehrmacht-Kommandatur sech stellen.

Vum 13.09.1943 bis den 20.09.1943 soutz en am Prisong Stadgronn an Untersuchungshaft. Vun hei koum en an Genesungs-Komp. Gren. Ers. Batl. 386 PERLEBERG über Wittenberg.

Vum 28.09.1943 bis den 28.10.1943 hat en Einzelhaft am Bunker zu POTSDAM ...

Séng Adress den 31.10.1943: Marsch Komp. 386 PERLEBERG
Séng Adress den 21.11.1943: Feldpostnummer 26111 B

07.12.1943 Bréif aus der GOMEL-Front (Russland) VIVE CH . . .

19.01.1944 Bréif aus der NEWEL-Front – VIVE CHARLOTTE

25.02.1944 fir d'zweete Kéier verwonnt ëm 10 Auer muerges bei LOKNYA bei OSTROW

19.03.1944 nei Adress: Durch deutsche Dienstpost Ostland
Deutsches Feldlazarett
PONEWESCH (Litauen)
Teillaz. 3

24.03.1944 Bréif aus PONEWESCH, Teillaz. II 5 C:
VIVE CHARLOTTE – Es ist bald alles vorbei.
Départ zu PONEWESCH den 10.05.1944

16.05.1944 Ostfront: 10 km vum KREMER Erny séngem Graf (OSTROW).
Do war e Kranz mat engem Briet: „Andenken an unsern Kameraden Ernest KREMER aus Luxemburg"

Aus engem Bréif: Osten, den 2.2.44
„Liebe Eltern, wenn ich mein Leben hier im Osten lassen muß, dann könnt ihr auch Toten-Bilder lassen machen von mir, denn das Bild vom MAJERUS Tedy ist ganz schön geraten."

VIVE CHARLOTTE!

Säi leschte Bréif aus dem Osten, datéiert vum 6. Juli 1944.

Eng Kaart, déi säi Brudder Roger him den 23.8.44 aus dem R.A.D.-Lager Jannowitz un d'Front geschéckt hat, krut dësen am Einsatz zu Rumunki a Polen den 2.10.44 zréck mat dem Vermierk: Zurück an Absender / Empfänger vermißt.

17.08.1970 DEUTSCHES ROTES KREUZ – Suchdienst MÜNCHEN
GUTACHTEN
über das Schicksal des Verschollenen
Robert GALLION, geb. 13.09.1923
Das Ergebnis aller Nachforschungen führte zu dem Schluß, daß

Robert GALLION

mit hoher Wahrscheinlichkeit am 13. Juli 1944 im Raum südwestlich Ostrow (55 km südlich Pleskau) gefallen ist.

Séng Elteren: GALLION François * 29.11.1894 zu Monnerech
† 02.05.1981 zu Stroossen

REITER Marie * 20.06.1888 zu Ettelbréck